



Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/07/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Landwirtschaft & Wirtschaft weiderzeleeden.

D'Zucht vun souwéi den Handel mat Déieren sinn zu Lëtzebuerg gängeg Methoden fir Suen ze verdéngen. Déierenziichter vun hei oder aus dem Ausland bidden op Internetbörsen verschidde Sorten vun Déieren un, vun Hënn, iwwe Kaazen bis Goldfësch. D'Präisser reechen, je no Déier, vun e puer Euro fir e Fësch bis zu e puer dausenden Euro fir een Rassenhond.

Ween mat dëser Handelsaktivitéit Sue verdéngt ginn, misst dat normalerweis och als Kommerz deklaréieren. Um Internet oder a klenge Foren existéieren méttlerweil awer esou vill vun deenen Déierentauschbörsen, dass een sech d'Fro ka stellen, op all d'Déierenziichter an all Déierenhändler déi néideg Autorisatiounen fir dës Kommerz besëtzen.

D'Déiereschutzgesetz vun 2018 geseit a sengem Artikel 6 vir, dass fir all Form vun Handel mat Déieren souwéi d'Zucht vun Hënn a Kaazen eng Autorisatioun vum Minister muss ugefrot ginn:

Art.6 (2) Sans préjudice d'autres autorisations requises, sont soumis à l'autorisation par le ministre :

1. toute activité en vue de commercialiser des animaux, à l'exception des marchés d'animaux et de l'activité agricole ;
2. un élevage de chats ;
3. un élevage de chiens ;
4. un établissement commercial pour animaux, à l'exception de l'établissement agricole ;
5. un jardin animalier ou zoologique ;
6. une pension pour animaux ;
7. un refuge pour animaux ;
8. l'emploi d'animaux pour le tournage de films ou à des fins analogues.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Mat Bezuch op den Artikel 6 Paragraf (2) vum Déiereschutzgesetz, wéi eng a wéi vill vu deenen uewe genannten Autorisatiounen huet den Här Landwirtschaftsminister ausgestallt?
2. Bei wéi villen Déierenziichter goufen 2018 an 2019 Infraktiounen konstatéiert, well se keng gëlleg Autorisatioun nom Artikel 6 (2) haten? Wéi vill Kontrollen goufen insgesamt an der selweschter Period duerchgefouert?



www.piraten.lu



Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

3. Ginn verschidden Déierenannoncen an Zeitungen oder am Internet vun der Veterinärsinspektioun iwwerprüft?
 - Falls jo, wéi vill Déierenhändler goufen 2018 an 2019 kontrolléiert? Wéi vill vun dësen Déierenhändler waren an Infraktioun mam Gesetz?
 - Falls nee, ass de Minister der Meenung, dass all d'Déierenzüchter zu Lëtzebuerg hir Aktivitéiten deklaréieren?
4. Wéi kontrolléiert de Landwirtschaftsminister Déierenhändler, déi aus aneren europäesche Länner op lëtzebuergesche Plattformen hir Déiere verkafen?
5. Ass den Här Landwirtschaftsminister der Meenung, dass aktuell genuch Kontrollen vum Artikel 6 (2) duerchgefouert ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

